# Zwe' Kieref.

Perso'nen: Gritti
Jimmy, eng jong, vermengt Frächen
Lulu, dér hir Fröndin, eng delikat Jöfferchen
E puer Stömmen, de' hannert der Bühn jeitzen.

---

Gritti : ( an enger einfacher Stuff, sötzt beim Dösch a schabbt Karotten ) 'T ass awer en Dauer wan é neischt am Portemonni huet. Haut war nés gro'sse Mărt. D'Jimmy an d'Lulu, de' können sech kăfe wat se wöllen. An ech kan hei hém sötzen a fro' sin, wan ech de Mötteg Karotten hun bei meng blann Gromperen. Nun, t'ass mer jo nach net schlecht gangen derbei, a soss hat ech och nach ké Misär.- Wan dat Jimm an dat Lulu nach net de' domm Mane'eren hätten, fir mer ömmer alles weisen ze kommen, wat se kaft hun. An da könt ech jo stirwen, vun, vun..... abé soe mer vu Fréd.... Mé, soll dann do ké Möttel gin, fir en dat é fir allemol ofzegwännen! ( Et he'ert én é Getröppel a Schwätzen hannert der Bühn. Et klappt. D'Jimmy an d'Lulu kommen eran a beschter Stömmong.)

Jimmy : Bonjour, Gritti, du bass e richtige Naschtquaker gin, en Einsiedler. Du weiss dech net me' önnert de Leit.

Lulu : Jo, e richtigen Einsiedler! Du hues dach secher ké Stubenarrest kritt!

Gritti : Dir al Spottvullen! Ech war lo grad nach am Gart dobaussen.

Jimmy : Jo, deng Karotten besichen! Wat hun se der alt verzielt?

Gritti : Loss mer le'wer eng aner Ried ufänken. We' gong et dann um Mărt?

Lulu : Du häss solle matgoen. ' t war nach ni eso' bölleg we' haut. Kieref voll kanns de kafen an t'kascht dech bal neischt!

Gritti : Jé, mach mer de Mond net wässereg!

Jimmy : Mé dach, Gritti. Kuck emol hei, wat ech alles kăft hun ( weist alles) E puer Bretellen fir de Pe'ter, mei Mann. Eng Gilette, eng Bartséf. ( ze't och kleng Kannerwäsch eraus ) Nu kuck és, de' herrlech Săchen!

Gritti : ( resigne'ert ) Jo sche' Săchen! Wat wärt de Pe'ter fro' sin!

Lulu : Da kuck och wat ech mir geléscht hun.( weist ) Eng Heifchen fir eis Gued, e flott Schirtech, eng wonnersche'n Spötzebox ( weist nach verschidde Geschirr vu Woll a Ne'seid etc.) ' tass eng Fréd fir kăfen ze goen.

Gritti : ( e we'neg traureg ) Ech beneiden iech fir de' sche' Săchen. De' aner Ke'er....( et he'ert én e puer Stömmen dobausse jeitzen: Höllef, Höllef!)

Jimmy a Lulu : Wat ass geschitt? ( renne se'er virun d'Dir. D'Gritti wöllt ech dre't ower bei der Dir nés öm )

Gritti : Dat do könt mer we' gewönscht.( wiesselt se'er d'Săchen an dénen 2 Kieref, léft dann och eraus. No enger klenger Weil kommen se allen drei eröm )

Jimmy : We' kann én eso' Krésch doen, wan e Médchen vum Velo bunzelt.

Gritti : 't hätt können eng domm Geschicht gin, wan den Auto net an Zeiten gestoppt hätt!

**Lulu** : ( schnippech ) Wan é net fure kan, da soll én dohém bleiwen!... Nömmen, ech muss elo bal hém, soss gött eis Giedi nach granzeg.

**Jimmy** : Wart, ech gi mat! ( huelen allen zwé hire Kueref o'ni dran ze kukken ) Äddi Gritti!

**Lulu** : Bis eng aner Ke'er!

## 2. S z é n

**Gritti** : ( eleng ) Ech hätt dem Médche können e Sou gin, wat elo grad huet misse fälen, ausgerechent virun eiser Dir. D'aremt Georgette. Mé, t'huet sech Gott sei Dank net we' gedon.- Mé der Jomer net nach, wat wärt de Pe'ter kucken, wan sein härzegt Jimmy mat der Heifchen geréest könt a mat der Spötzebox. An dem Lulu seng Gued, wan se d'Bretelle geseit an d'Bartgeschirr. Nu jé, si hätt jo nawell e puer kléng Stoppelen. Mé, de' ho'freg Dämmercher, de' wöllen sech net rase'eren!

## 3. S z é n

( D'Jimmy könt hannert der Bühn erbei gestirmt, klapp a rabbelt un der Dir)

**Jimmy** : Gritti, Gritti, wo' si meng Sächen hikomm. De Pe'ter ass klorrosen. E sot e ge'f sech schéde lossen. Wat eng Frechhét sot en, mir eso' eng Hauf ze brengen an eng Box mat Spötzen drun ( ongedölleg ) Gritti, mach se'er op! ( Gritti re'ert sech net a wenkt dobannen: Nén, nén )
( T'göt nés Kome'di hannert der Bühn. D'Lulu könt geläf )

**Lulu** : Du meini, Jimm, ass d'Gritti net hei. Do sin ech sche'n ukom bei Gued! Wat, du brengs mer e Bartmesser a Bretellen? Du frecht Stéck! Ech wärt dech entierwen! ( Dat spillt sech alles hannert der Bühn of, duerfir muss ganz hart geschwat gin )

**Jimmy** : Wat? Du hues eisem Pe'ter sei Bartmesser a seng Bretellen? Du bass mir e Sche'nt!

**Lulu** : A wat gesin ech! Du hues eiser Gued hir Heifchen an hir Spötzebox! Du bass mir nach me' e Sche'nt. Ech wärt nach eng Ke'er mat dir kafe goen!

**Jimmy** : ( belédegt ) Mengs du dann ech ging nach eng Ke'er mat dir käfen? ( t'he'ert én se allebéd zu verschiddene Seite fortgoen!)

**Gritti** : De' eloten wärte mir eso' bäl neischt me' weise kommen! ( nodenklech) Nömmen dat mat dém Streit gét mer net. Nujé, d'Aenni wärt dat schon an d'Rei kre'en.

R i d e a u